Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

31.5.2018 „1990 waren im Großherzogtum lediglich 4,3% verbaut, 2015 waren es bereits 10%“

04 **Jun** *2018*

(comments: 0)

„1990 waren im Großherzogtum lediglich 4,3% verbaut,
2015 waren es bereits 10%“
Mir si fir en verantwortungsvolle Wuesstem.
1-Millioun-Awunner-Staat? NEE MERCI!

http://www.tageblatt.lu/headlines/luchs-und-netz-sind-in-luxemburg-ausgestorben/

Read more … 31.5.2018 „1990 waren im Großherzogtum lediglich 4,3% verbaut, 2015 waren es bereits 10%“

16.5.2018 Geziilte Manipulatioun ODER schroen handwierkleche Feeler vum grénge Charles Margue am Referendum 2015?

16 **May** *2018*

(comments: 0)

Elo kënnt eraus wat mir schonn ëmmer ugholl hunn: de Charles Margue war alles anescht wéi e neutrale Kommentator! Hie war e fanateschen Ënnerstëtzer vum JO.

Hie gëtt oppen zou, datt hien zu där Zäit wou hien am Kader vum Referendum 2015, als "neutrale" Meenungsfuerscher opgetrueden ass, GLÄICHZÄITEG bei deenen 3 Regierungsparteie Lobbyismus fir de JO bedriwwen huet, a sech duerfir agesat huet, eng Campagne vun engem Joer amplaz vun 3 Méint ze maachen.

Iwwer déi massiv falsch Prognosen déi 'Tns-Ilres" am Kader vum Referendum 2015 gemaach huet, verléiert de Charel Margue am 100,7 Interview och kee Wuert.

Dobäi sicht hie Feeler virun allem bei aneren: d'Regierung hätt de Referendum massiv vermasselt. Hie fënnt et och haut nach skandaléis datt d'Regierung net op seng Doléance fir de JO agaangen ass, a gesäit d'Resultat vun den 80% als e Fiasko.

Wann ee bedenkt, dass de Charles Margue iwwer Joren de Lëtzebuerger an engem Monolog ëmmer nees erkläert huet wat si anscheinend denken...

Den Interview:
https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/charles-margue

Eis Ziler vum Wee2050: http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 16.5.2018 Geziilte Manipulatioun ODER schroen handwierkleche Feeler vum grénge Charles Margue am Referendum 2015?

20.4.2018 Uertschaftsnimm déi grouss op lëtzebuergesch geschriwwe sinn!

20 **Apr** *2018*

(comments: 0)

Uertschaftsnimm déi grouss op lëtzebuergesch geschriwwe sinn hëllefen den Auslänner fir eis Sproch automatesch ze léieren!
D'Lëtzebuerger Sprooch muss am Alldag nees vill méi präsent sinn!

Op rtl.lu geet et haut drëms wéi Rëmeleng richteg geschriwwe gëtt. Mir froen eis firwat déi lëtzebuergesch Versioun net uewen op de Schëlter steet.

Eist Zil:
D'Lëtzebuerger Sprooch muss prioritär präsent sinn op den Internetsäite vu Gemengen a Staat, Stroosseschëlter a Panneauen.

Wéi ëmsetzen:
D'Uertschaftsschëlter sinn op Lëtzebuergesch, déi däitsch a franséisch Bezeechnung stinn a méi klenger Schrëft drënner.
E staarkt Zeechen fir eis Nationalsprooch an och fir eis traditionell Méisproochegkeet!

D'Ziler vum Wee2050:
http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 20.4.2018 Uertschaftsnimm déi grouss op lëtzebuergesch geschriwwe sinn!

1.4.2018 Abrëllsgeck: "Et ass nach ni sou vill Lëtzebuergesch geschwat ginn"

31 **Mar** *2018*

(comments: 0)

Abrëllsgeck:

"Et ass nach ni sou vill

Lëtzebuergesch geschwat ginn"

***X Bettel, 31.3.2018**

Read more … 1.4.2018 Abrëllsgeck: "Et ass nach ni sou vill Lëtzebuergesch geschwat ginn"

30.3.2018 1-Millioun-Awunner-Staat? NEE MERCI!

30 **Mar** *2018*

(comments: 0)

Eis Aktioune wierken! D'CSV an anerer schléissen sech eis un beim Wuesstem. Mee mengen si et eescht?

Am August 2015 hu mir eis zum Zil gesat den onkontrolléierte Wuesstem zum ëffentlechen Thema ze maachen.

Deemools huet nach keen doriwwer geschwat.

Haut, bal 3 Joer duerno, ass den onkontrolléierte Wuesstem ee vun de Wahlkampfthemen. Hei ass eisen Artikel deen deemools d'Diskussioun richteg un d'Rulle bruecht huet.

Mir sinn houfreg dorop a mir maache weider.

Fir en verantwortungsvolle Wuesstem.

1-Millioun-Awunner-Staat? NEE MERCI!

Eis Ziler:
http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 30.3.2018 1-Millioun-Awunner-Staat? NEE MERCI!